CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
22 NOV. 2019
1517

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. November 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Am Hierscht an am Wanter kommen d'Minusgraden dacks onerwaart. Domat verbonnen si glat Stroossen an Trëttoiren, mä natierlech och Äis an de Schoulhäff. D'Sécherheet vun de Kanner soll an deem Kontext besonnesch am A behale ginn.

An dem Kontext wéilt ech dem Här Schoulminister dës Froe stellen:

1. Ass dofir gesuergt, datt an de Schoule genuch Streesalz zur Verfügung steet ? Huet all Member vum Léierpersonal a vum technesche Personal Accès zu deem Salz ?
2. Vill Schoulen assuréieren een Accueil fir d'Kanner vu moies hallwer aacht un. Ass dofir gesuergt, datt an de Schoulhäff schonn esou fréi moies Salz gestreet gëtt ? Gëtt et e Reglement, dat virschreift, datt vun dem Zäitpunkt, wou Kanner sech am Schoulhaff beweegen, gestreet ass ?
3. Wien ass dofir zoustänneg, am Schoulhaff ze streeën ?
4. Gëtt kontrolléiert, ob fréi an dacks genuch an de Schoulhäff gestreet gëtt ? Wa jo, wien ass fir déi Kontroll zoustänneg ? Handelt sech em eng schoulintern Kontroll oder kënnen och aner Instanzen, wéi beispillsweis d'Gemeng, kontrolléieren ?
5. Wien ass responsabel, wann an engem Schoulhaff en Ongléck passéiert, well net oder net genuch Salz gestreet gouf ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 9 janvier 2020

Monsieur le Président de la Chambre
des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et de Madame la Ministre de l'Intérieur à la question parlementaire n° 1517 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Wat d'Problematik vum Streeën an de Schoulhäff betrëfft, sou gëllt et, tëschent dem Enseignement fondamental an dem Enseignement secondaire ze ënnerscheeden:

**Fondamental**

D'Gemenge si Proprietaire vun de Schoulinfrastrukturen, déi si, op Grond vum Artikel 35 vun *der loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* verflicht sinn, zur Verfügung ze stellen. Den Artikel 58 vun deem selwechte Gesetz gesäit ausdrécklech vir, dass et an der Responsabilitéit vun de Gemengenautoritéiten läit, fir den Entretien vun den ëffentleche Grondschoulgebaier ze assuréieren. Ënnert dës Obligatioun fält ënnert anerem d'Streeë vun de Schoulhäff virun der Arrivée vun de Schüler.

Sollten d'Membere vun der Schoulcommunautéit der Meenung sinn, dass d'Gemeng nach zousätzlech Precautioune misst huelen, fir d'Sécherheet vun de Schüler am Schoulhaff ze assuréieren, da kënne si sech entweder direkt un déi Gemengeresponsabel oder un de Schoulpresident wenden, deen d'Doléancen esou séier wéi méiglech un säin Uspriechpartner bei der Gemeng weidergëtt.

**Secondaire**

Op Grond vum Artikel 6 vun der *loi modifiée du 19 mars 1988 concernant la sécurité dans les administrations et services de l'État, dans les établissements publics et dans les écoles*, a vum Artikel 4.5.03 vum *règlement grand-ducal modifié du 13 juin 1979 concernant les directives en matière de sécurité dans la fonction publique*, ass de Schouldirekter responsabel fir d'Ausféierung vun de preventive Moosnamen am Kader vu Schnéi oder Äis.

Dëst bedeit, dass den Haff an d'Accèsen zum Schoulgebai am Wanter vum Äis musse fräigemaach ginn, an zwar vun deem Moment un, wou déi éischt Schüler an d'Enceinte vum Schoulgebai kommen (ongeféier eng hallef Stonn virum Ufank vun de Coursen). Dat steet net an engem spezielle Reglement, mee geschitt am Kader vun der allgemenger Sécherheetsobligatioun, déi d'Schoulen hunn.

D'Schouldirektioune sinn dofir zoustänneg, genuch Streesalz ze kafen an ze lageren. En Accès zu deem Salz hunn an der Reegel d'Membere vum technesche Personal; et ass gewéinlech och dat technescht Personal, wat d'Aufgab huet, ënner Opsiicht vun der Direktioun, am Schoulhaff ze streeën.

127-00188-2004086-FR



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

Am Fall vun engem Ongléck kann d'Responsabilitéit vum Staat oder vun enger Gemeng engagéiert ginn; op Basis vun engem Dysfonctionnement vum Service (Artikel 1 vun der *loi modifiée relative à la responsabilité civile de l'État et des collectivités publiques*), oder op Basis vun den Artikelen 1382, 1383 an 1384 alinéa 1er vum Code civil (responsabilité de droit commun).

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse